

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister, den Här Bausseminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel "Lëtzebuerg schéckt Waffen, Gefierer an Zelter an d'Ukrain", deen den 28. Februar um Zitt vun RTL publizéiert gouf, war ze liesen, datt Lëtzebuerg der Ukrain am Krich mat Russland och déidlech Waffe liwwert.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi opschlésselt wéi eng déidlech Waffen an aner militäresch Gidder a Zerwisser der Ukrain nom Stand vum 12. Abrëll 2022 zur Verfügung gestallt goufen a wéi eng weider Moosnamen an deem Sënn schonn decidéiert sinn?
- 2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi eng militäresch Gidder an Zerwisser déi mir un d'Ukrain geliwwert hunn aus nationale Reserve stamen a wéi eng mir um internationale Maart hu missen akafen? Kann d'Regierung preziséieren a wéi enge Länner déi eenzel Waffen a militäresch Gidder akaf goufen an a wéi engem Zäitraum si virgesäit, eis national Reserven nees opzestocken?
- 3) Kann d'Regierung matdeelen, mat wéi enge staatlechen an netstaatlechen, nationalen an internationale logistesche Fournisseure Lëtzebuerg bei der Ausliwwerung vun dese Waffen a soss militäresche Gidder zesummegeschafft huet?
- 4) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi de jeeweilige Käschtepunkt vun all deene Moosnamen opschlésselt a preziséieren ënnert wéi engem Budgetartikel d'Sue jeeweils gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten